

# HAPPY 55<sup>th</sup>

TEST  
FIT



Sidd Dir téschent 55 a 74 Joer al?  
Maacht den Test géint den Daarmkriibs!

Wéi geet dat?  
[www.montest.lu](http://www.montest.lu)

 Programme  
Dépistage  
Cancer colorectal



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Direction de la santé



## Firwat ass d'Fréierkennung vum Daarmkriibs esou wichteg?

Den Daarmkriibs ass en heefege Kriibs, dee **sech méi einfach behandele léisst wann e fréi entdeckt gött**. En entwéckelt sech lues, oft ouni Péng a Verdauungsprobleemer, an duerch Verletzungen, Polyppe genannt, déi am Daarm bludde kënnen. Dëst Bludde gesäit ee mat bloussem A net. Dofir ass et wichteg **all 2 Joer** e Fréierkennungstest ze maachen, deen no Blutt am Stull sicht (och FIT-Test genannt). D'Polyppen, déi mat Hëllef vun dësem FIT-Test detektéiert ginn, kënnen esou duerch eng Daarmspiegelung ewechgemaach ginn éier se sech zu Kriibs entwéckelen.

### D'Fréierkennung vum Daarmkriibs. Wéi geet dat praktesch?

**De FIT-Test\***  
...en einfache Gest,  
deen lech d'Liewe rette kann!

Wann Dir tëschent **55 a 74 Joer** hutt a bei **der CNS affiliéiert** sidd, kritt **Dir all 2 Joer** e Schreiwes mat deem Dir Äre FIT-TEST an de Laboratoire, dee vum Programm referenzéiert ass, kënt siche goen.

Dir kritt Är Invitatioun mat engem Coupon, mat deem Dir Äre FIT-Test bestelle kënt. D'Bestellung vum Test maacht Dir iwver Telefon oder um Internet beim Laboratoire, deem seng Coordonnéeën Dir op der Invitatioun fannt. Dir wíelt, ob Dir de FIT-Test per Post heem geschéckt kritt oder en direkt an den agreéierte Laboratoire siche gitt.

#### An nom Test?

Nodeems Dir de FIT-Test gemaach hutt, schéckt en esou séier wéi méiglech per Post an (eng frankéiert Enveloppe läit dem FIT-Test bäi), fir datt en analyséiert gött. Dir kritt d'Resultater per Post oder Internet geschéckt. D'Resultater ginn och un Ären Dokter an un den Dokter vum Koordinatiounszentrum fir Kriibsfréierkennungsprogrammer verschéckt.

#### An 91% vun de Fäll ass d'Resultat vum FIT-Test negativ

Dir kritt all 2 Joer eng Invitatioun fir en neien Test ze maachen.

#### An 9% vun de Fäll ass d'Resultat vum FIT-Test positiv.

**Dat bedeit awer net onbedéngt, datt Dir Kriibs hutt**, mä datt Blutt an Ärem Stull fonnt gouf. Fir d'Originn ze identifizéieren, ass allgemeng eng Daarmspiegelung néideg. **Riicht lech un Ären Dokter.**

\* Fecal Immunochemical Test